



Här Christian WELTER  
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2025.65505.SECR

Péteng, den 19. Mäerz 2025

**Betreff: Är Froe vum 19. Februar 2025**

(Den Dossier gött bearbecht vum Här Jerry Schmit - Tel.: 50 12 51 – 2012)

Här Welter,

An Ärem Bréif vum 19. Februar 2025 stellt Dir dem Schäfferot folgend Fro:

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*An der Chamberssätzung vum 13. Februar 2025 huet den zoustännegen Regierungsverrieder Maurice Bauer (CSV) als Reaktioun op eng Motioun vun de PIRATEN informéiert, dass d'Gemengeréit all d'Rapporte vun de Schafferotssätzungen zur Verfügung gestallt kenne kréien.*

*Op Basis vum Artikel 23 vum Gemengegesetz, wéilt ech heimadder gären all d'Rapporte vun de Schafferotssätzungen (Artikel 53 vum Gemengegesetz) seit menger Inauguration als Gemengeconseiller den 19. September 2018 ufroen.*

*Mat Respekt,*

*Christian Welter  
Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Fro :

Här Welter,

Mir maachen Iech opmierksam dat den Här Maurice Bauer vun der CSV kee Regierungsverrieder ass, mee honorabelen Députéierten.

D'Motioun 4524 mam Titel "Modification du code communal de façon à ce que les comptes rendus des séances du collège échevinal soient mises à disposition du conseil communal" ass vum honorabelen Députéierten Marc Goergen den 13. Februar 2025 eragereecht ginn an dee selwechten Dag an der Chamber mat grousser Majoritéit mat 56 zu 4 Stëmmen ofgeleent ginn.



D'Gemengegesetz gesäit net vir dat den huis clos vun de Schäfferéit opgehuewen an hier Regëster publizéiert oder kommunikéiert dierfe ginn.

Als Member vun Ärer Parteileedung muss dëse Fait lech bekannt sinn, well et an der ugeschwaatener Motioun vun der Piratepartei ëm Thematik ebe geet fir ee Changement vum Gemengegesetz ze fuerderen, " ... fir eng Ännerung am Gemengegesetz auszeschaffen, sou dass d'Rapporte vun de Schäfferotssitzungen dem Gemengerot zougänglech gemaach ginn."

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,